Frenz P.
A6-18
20 Persoun

# SCHUDDER! SCHUDDER!

## (FRANKENSTEIN UP TO DATE)



EN GRUSCHELECHT THEATERSTECK

VUN DEN HOUWALDER EXPLORER

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

Iddéen: Houwalder Explorer a Chef
Text : F.P. an J.J.

THEATER 198o

# INTRODUKTIOUN

(Sall deischter. Onheemlech makaber Musek. Op der Bühn steet en Sarg. D'Bühn ass schwarz verdonkelt an et stinn e puer Kerzen drop. Nemmen UV Tuben als Belichtung. Eng oder e puer Kerzen gin iwert d'Bühn. D'Musek méi lues. Quitschen vum Sarg, den Deckel geet op. En Vampir mat Frack an Zylinder riicht sech am Sarg op; d'Aerm erausgestreckt.)

Vampir : Vampir ze sin ass haut des Dags keen Kannerspill! Mat deenen modernen Techniken gleewt keen méi un eis Existenz. D'Bôm an de Bôp gin ausgelaacht, wann sie hieren Enkelkanner vun Vampiren schwetzen. Am Kino an am Fernseh gin mir lächerlech gemaat vun Schauspieler, déi nach méi ellen sin wéi mir. Op der Fouer gin mir ausgestallt, ausgelaacht an an den Tombolaen verkaaft. Dofir soen ech am Numm vun all mengen Geeschter- an Vampirkollegen den Houwalder Explorer an hiren Chefs e bluddegen Merci, dat sie eis d'Geleenheet gin hun iech haut den Owend eis Suergen duerzebrengen. Mir hoffen dat dir no desem Theatersteck méi Verständnis fir d'Situatioun vun den Vampiren fannt. Wann dir eis net nemmen moralesch mais och finanziell ennerstetz wöllt, dann géiwen mir iech bieden en klengen Don vun engem oder méi Baxteren Bludd op den Postscheck o12612-o12 ze iwerweisen. Merci am Viraus! Zum Schluss nach e gudde Rôd: Färd ganz schéin! Et get neischt méi scheines wéi vill ze färten!

(Gelächter; makaber Musek. Den Vampir leet sech zereck. Den Deckel geet zou an den Rideau och. Et get deischter an roueg. D'Lueten am Sall gin nees un an en Explorer (Vendeur) steet do mat engem Bauchladen.)

Vendeur : Wien färd Draculaen? Bei mir kridd dir all bekannten Gegenmettel ze kaafen! Kreizer, Antidraculaspöllen, Knueweleck Weiwasser asw. Och könnt dir bei mir eng besonnesch gönschte Assurance géint Bluddverloschter bei Draculasagreffer ofschléissen. Wann den ganzen Sall sech assuréert, gin ech eng Reduktioun. Leet är Liewen an meng Hänn an kaaft bei mir. Kreizer, Antidracualspöllen, Knueweleck, Weiwasser mat speziellem Antidraculazousatz stärkstens recommandéiert vun der UCL.

( Den Vendeur verschwönnt; d'Lueten am Sall gin aus)

## 1. Szène

(E ronnen Desch mam Frankenstein, Paddelstein, an Rasselstein. Sie setzen bei dem Desch mat Glieser. Frankenstein huet lang Zenn, den Paddelstein enorm Schong, den Rasselstein eng Rösel. Hannen ass en Interiör vun engem Schlass

Paddelstein: Mein léiwe Frankenstein. All Respekt fir dat 1. klassegt Bludd, dass du eis hei servéiers.

Rasselstein: Jo, vun Paddelstein, do gin ech iech recht. Dat hei ass en excellenten Pättchen. Nach geschter war ech doudkrank. Am Centre hospitalier war ech jo net un e Client geroden, deen grad virdrun eng Transfusioun mat chemeschen Bluddplasma kritt haat.

Frankenstein: Jo, Här vun Rasselstein, et ass wirklech schlemm déi lescht Zeit mat der Qualitéit vum Bludd. All Vampir huet eppes opgerâif. Stellt iech nemmen vir, ech hat jo net d'lescht Woch eng interkontinental gestéiert Bluddembolie.

Paddelstein: An meng Kusin haat en virilen dreikantegen Bluddkrieps erwöscht, an dobei den bloen an den rouden zur selwechten Zeit.

Rasselstein: Oh, dat muss schlemm gewierscht sin! Och meng Bôm, déi onverwüstlech Bertha vun Granzsylvanien, ass net verschoun bliewen. Sie leid enner akutem Zannausfall verbonnen mat vibramedezineschen Gehierentgleisungen.

Frankenstein: Fir all deenen Sachen aus de Féiss ze goen, drenken ech nemmen méi Bludd aus menger perséinlecher Reserve. Dat hei (weist d'Glas) ass en échantillon vum groussen Napoleon, Joergang 1815. Sei Bludd war jo net esou appetitlech dat ech mech net bremsen konnt. Duerch mech war den armen Kerel esou geschwächt, dat hien d'Schluecht vun Waterloo verluer huet.

Paddelstein: Jojo, d'Politiker vun haut sin net méi dat vun fréier. Et rentéiert sech net méi, bei hinnen ze zaapen. Durch déi vill Rezeptiounen huet hirt Bludd ellen gelidden. Sie hun all e Virus.

Rasselstein: A leschter Zeit muss een besonnech oppassen op d'Cattenomitis an op d'indemnitis deputitis.

Frankenstein: A propos hues du schons deng Cotisatioun beim Onofhängegen Geeschterbond-Letzebuerg bezuelt?

Paddelstein : Neen, ech sin Member beim Letzebuerger confédereierten Gespensterbond. Mais ech denken drun, fir béi déi Neutral Horrorvampiren iwerzetrieden.

Rasselstein : Do gesidd der wéi weit mir komm sin. Soss waren mir frei keen hât eis eppes ze soen, elo sin mir "Employeen" hei am Schlass an mussen eis Rechter an enger Gewerkschaft verteidegen.

(Kaméidi hannert den Kulissen, et héiert een Leit schwetzen.)

Frankenstein: Lauschtert emol: Schons geet de Stress nees lass! Déi éischt Visiteuren vum Schlass hun an der Kees bezuelt. Elo heescht et d'Auer ze drecken an 8 Stonnen lang um Dill ze sin.

Allen 3 : Waat hun mir d'Flemm !!!!!

(Sie verschwannen vun der Bühn. Den rido geet zou.)

## 2. Szène

(Touristen tröppelen iwert d'Bühn an bestaunen alles. Als éischt typesch Letzeburger.)

Mamm Tourist: (könnt mam Bouw Pitti eran.)... Jheeeng, Heihinnen, mir sin schons hei !!!

Papp Tourist: Lues, lues!!! Wou get et hei eppes ze drenken?

Bouw Pitti : Ech hätt och gär eng Cola!

Mamm : Emmer daat huelen goen! Hei hutt der eng Saucisseschmier an dann sidd dir roueg.

(Sie mauffelen. Den 1. Dracula könnt vun hannen an versicht sie ze erschrecken.)

Papp : Oh nei, wat eng Schnöss!!!

Bouw : (weist op den 2. Dracula deen erankönnt) Hei Papp, kuck emol, hei ass nach een mat esou enger dommer Schnöss.

Papp : Et ass schlömm haut. Suguer an den alen Schlesser begéint een Hippien, Rockeren an ders Pâck méi.

Mamm : An mir hun extra Supplément bezuelt fir Vampiren ze gesin. Alles Schwindel! Jäng, komm mir froen an der Kees eis Suen erem.

(Sie verschwannen.)

1. Dracula : Hues du dat héieren? Hues du dat héieren?

2. Dracula : (seet neischt)

1. Dracula : Huet et dir vun Schreck d'Sproch verschloen?

2. Dracula : (schwetztz ewéi een ouni Zenn) Ech hun vun Schreck mein Gebess ofgeschleckt. ... Mein Handwierksgeschier! Ech sin entéiert! Ech sin entloss! eng Schân!

(Sie verschwannen vun der Bühn.)

(En Trapp Amerikaner, farweg ugedoen, Photoapparat, kommen op d'Bühn!)

1. Ami : Henry, kam heihin! Einfach wanderful! (weist op den 1. Dracula) Thek e puer Photos!

(Eng Serie Blötzer gin lass. Den Dracula mecht sech aus dem Stöps.)

2. Ami : (zum Guide) Ei offer ich uan Millioun Dollars fir zäd Männ!

3. Ami : Uan and en hallef! Ei hun en Zoo zu New York!

Fouermännchen: (deet am Hannergronn Krésch) Stop! Dimitri gin 2 Milliounen an e Zigar. Hun sech e grousse Luna-Park op der Fouer! (2. Dracula mecht sech eweg.)

Fouermännchen: Oh, Dracula net kommen bei Dimitri.

(Alles vun der Bühn. 3 Explorer kommen eran.)

Claude : Guy, sin mir hei an deem Schlass an deem mir sollen eisen Explo maachen?

Guy : Jo, Claude, mir sin do!

(Een 4. Scout kennt no mat engem Spuet an Grapp.)

4. Scout : Waat geht mir d'Schéiss! Waat geht mir d'Schéiss!

(Hien geet periodesch vun der Bühn.)

Guy : Paul, lies eemol eis Instruktiounen vir!

Paul : 1. Aufgab: Soubal dir am Schlass ukomm sidd, sicht en Gespenst an interviewt dat!

4. Scout : Neeen, waat geht mir d'Schéiss! Waat geht mir d'Schéiss!

( Den 1. Dracula könnt eran.)

Claude : Mössiö wannechglift! Mir sinn vun den Houwalder Scouten an mir wöllen iech e puer Froen stellen.

1. Dracula : Euh!

Guy : Wéini sidd dir gebuer?

1. Dracula : Euh!

Guy : Waat ass den Durchschnettsalter vun engem Vampir?

1. Dracula : Euh!

Guy : Wivill Bludd drenkt dir an engem Dâg?

1. Dracula : Euh!

Guy : Watfir Hobbyen huet dir?

1. Dracula : Euh!

Guy : Watfir Schoulen muss een maachen fir Vampir ze gin?

Dracula : Euh!

Guy : Get et iwerhaapt nach Vampiren?

1. Dracula : Euuuuuuuuuuuh!!!!!

Claude : Guy, sin dat d'Froen allegueren?

Guy : Jo!

Claude : Merci Mössiö! (wölle fortgoen)

Paul : Stop! Hei ass nach eng aner Aufgab! Den Heini huet hei nach geschriwwen mir sollen een aussergewéinleche Géigenstand mat op den Campeng brengen!
(Sie bekucken sech.)

Claude : Denkt dir och waat ech denken? (Sie sprangen an engem Coup op den 1. Dracula an fort mat him.)

4. Scout : (hannendrun) Waat geht mir d'Schéiss? Waat geht mir d'Schéis
(Alles vun der Bühn. Den Guide tröppelt iwert d'Bühn, den Frankenstein kennt bei hien.)

Frankenstein: Chef! Ech melle mech of! Ech hun em 2 Auer en Rendez-Vous beim Zenndokter.

Guide : O.K., mais breng een Zertifikat mat. Soss zéien ech dir et vum Congé of!

## 3. Szène

(Zenndokterpraxis: Stull, Schwarz Ridoen, Buerer, Trennscheif, Raspel, Glaspobeier, Dösch. Den Frankenstein sötzt um Stull. Den Zenndokter schafft un dem Buerer.

Zenndokter : Sou, Meeschter. Et geet lass. (hien buert ewéi geckeg.)

Frankenstein: Maacht lues, Dokter, ech kann kee Bludd gesin.

Zenndokter : Keng Angscht! Ech sin Meeschter an mengem Fach. (hölt d'Trennscheif) Bleiwt setzen, ech machen nach den Verbetz. (hölt d'Raspel, duerno d'Glaspobeier)
Sou, ech sin färdeg.

Frankenstein: Ass alles an der Rei?

Zenndokter : Jo, mais eppes verstinn ech net. Hun déi lang Eckzänn iech nie genéiert?

Frankenstein: Nee!

Zenndokter : Oh, dass awer gudd gemat. Ech hun se ofgeschlaff!

Frankenstein: Wat hut dir gemaat? Meng Karrière ass ruinéiert. Sidd dir dann vun allen gudden Geeschter verloss. Elo muss ech meng Invalidenrent ufroen.

## 4. Szène

(Interiör Schlass; Frankenstein, Paddelstein, Rasselstein, Vampir an déi 2 Draculas setzen emt een Desch.)

Frankenstein: (steet op) Meng léiw Frönn aus dem Comité! Ech hun dös Drenglechkeetssitzung zesummengeruff fir iwer déi prekär Situatioun vun eisem Berufsstand ze debatéieren. D'Situatioun ass grave, pour ne pas dire très grave. An der leschter Woch hun nämlech 6 vun eisen Memberen missten an d'Spidol ageliwert gin, wengst Nervenschock. D'Leit vun haut hun keen Respekt virun eis Geeschter, sie färten nemmen méi greng Männecher an d'Oelscheichs.

Paddelstein : 3 Vampiren hun hir Demissioun gin an sangen elo am Kirchenchoer.

Frankenstein: An dat schlemmst vun allem: Et hun jo net e puer Scouten een vun eisen mat an hiren Camp geschleeft. An iwregens gesin ech mech gezwongen aus perséinleche Grönn meng Demissioun ze gin. (hält d'Hand virun de Mond.)

Rasselstein : Jo, Frankenstein et muss aneschtes gin.

Grenge Geescht: Jooooo!!! Ech den Neien Grengen Geescht soen Iech: Greng as in! Greng as d'Hoffnung! Greng as d'Alternativ. Ech sin anormal. Ech verspriechen iech alles! Ech maachen alles anescht. Mir mussen d'Leit färten din, fir dat sie eis färten. Dat enzegt wât sie haut färten, ass dat net méi genug Mazout do ass. Hei attackéieren mir. Ech verlange vun iech eng total Emstellung. Vun haut un drenken mir Mazout a Plâtz vu Bludd! Mir spezialiséieren eis op d'Mazouttanken an saugen den Leit den Mazout aus den

Grenge G. : (suite)... Heizungen! Ech hun eis fir déi nächst Woch an Training- a Recyclagekuren bei eisen Kollegen am Iran ugemellt. Hei kréien mir déi neisten Methoden gewiesen fi déi grouss Massen an d'Gewalt ze kréien.

Vampir : Jojo, keng schlecht Idee. Ech hun héieren, d'iranesch Vampiren, d'Ayatollahs, wieren Meeschter op deem Gebidd.

Alleguer : Bravo! Bravo!

Frankenstein: Vive eisen neien Präsident!

Alleguer : Vive!

Grenge G. : Merci fir ärt Vertrauen! Fir dat ze feieren, lueden ech iech alleguer an d'Vampirdisco "Bloody Mary". Den Vampir Roby suergt fir Stömmung.

(Alles deet Krésch an verschwönnt vun der Bühn. Rideau geet zou.)

## 5. Szène

(Haard Discomusek. Schwarz Rideauen. Vampirband mat Kanister. Vampiren hun all schwarz Kleeder mat weissen Schanken oder weiss Leinduch un, alles mat UV Tuben belichten. Sie danzen wéi verreckt. Op eemol komplett roueg. D'Gespenster geheien sech op den Buedem. E Kapp op engem garnéierten Plateau spazéiert eleng iwert d'Bühn. Duerno geet d'Musek weider; den Rideau geet hallef zou an den Speaker könnt bei den Micro.)

Speaker : E puer Méint sin vergangen an d'Vampiren hun sech nees gudd erkritt. Wéi gudd sie sech erkritt hun, wöllen mir iech elo zum Ofschloss nach weisen.

(Rideau geet nees op. Et steet eng Köscht an der Mött an 3 Vampiren schleefen een Tourist eran, deen furchtbar Kreesch deet. Sie stiechen den Tourist an d'Köscht an den Vampir an den Grengen Geescht seen den Tourist an 2 Stecker.)

R I D E A U

# N O T I Z E N

A. Datumen vun den Prouwen:

B. Wat brauch ech vun Kleeder?

C. Wât muss ech vun Material matbrengen?